Dépôt : Fred Keup

1

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2026

Prop. révision de la Constitut° n°8379

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten

ass sech bewosst, datt

- d'Demokratie gestäerkt gëtt, wann d'Bierger duerch e Referendum selwer iwwer Ännerungen un der Verfassung duerfen entscheeden;
- de Bierger hiert Vertrauen an d'Politik iwwert de Referendum nees gestäerkt gëtt;
- e Referendum eng breet ëffentlech Diskussioun mat sech bréngt, wat Transparenz schaaft an zu engem bessere Verständnes vun deem féiert, wat geännert gi soll, a wat dat fir d'Bierger bedeit;
- Ännerungen un der Verfassung net just vun temporäre Majoritéiten an der Chamber sollen ofhängeg gemaach ginn;
- Verfassungsännerungen opgrond vu kuerzfristege politeschen an ideologeschen Interessen duerch e Referendum verhënnert ginn;

fuerdert d'Regierung op,

- e Referendum fir dës Ännerung, déi d'Fräiheet op Ofdreiwung an der Verfassung verankert, ze organiséieren an d'Bierger hei demokratesch an den Entscheedungsprozess mat anzebannen.

Fred Keup